# CSV Hesper

*Robert LEVEN*

Conseil communal vum 12. Dezember 2022

Budget rectifié 2022 a Budget 2023

# Klima, Natur, Mobilitéit

Här Buergermeeschter, Madame an Häre Schäffen,

Léif Memberen vum Gemengerot

An de leschte Joeren si mer emmer méi op Kriis gepolt: Vun der Klimakris, der Energiekris, a vun der Pandemiekris, mat däer mer an der Teschenzäit geléiert hun emzegoen, net ze schwätzen.

Et ass ower net d'Zuel dovunner, déi ons eleng sollt beschäftegen, mee den Zäithorizont. An däer Perspektiv ass d'Klimakriis bei wäitem déi, em déi mer ons nach lang musse Suerge maachen. An d'Energiekriis huet ons um falsche Fouss erwëscht. Wierklech? Jo et deet wéi, mee stellt ons op bekannt Erausfuerederungen an: Ons Oofhängegkeet vun de Fossille Brennstoffer. Klimatechnesch, Finanziell a Geopolitesch. Wat ass d'Entwert? Déi fossill Brennstoffer do leie loossen wou se higehéieren. An de Buedem. Dat kennt dem Klima, a vrun allem ons, zegutt. D'Sonn, de Wand, Geothermie, a villes méi, ergo erneierbar Energien, notzen, mat Vollgas. Méi Effizienz am Energieverbrauch. Dat passt, well mer esou ons Responsabilitéit zur Klimakriis huelen an ons Oofhängegkeet vun de fossilen Energieimporter reduzéieren. Mee eppes gudds huet d'Erhéijung vun den Energiepräisser schons: Méi Asaz vun den erneierbaren Energien an der Effizienz si besser fir de Klima an de Portemonni. Iwwregens huet dat och en Impakt op ons Wäerter. Vill Länner a Gesellschaften, déi Ueleg, Kuel a Gas produzéieren, sinn net grad dofir bekannt, Menscherechter, Naturschutz a Soziales ze respektéieren, éischter fir se mat Féiss ze trieden. An esou gudd ass d'Gefill net, datt onst Land dat zanter ville Joeren matfinanzéiert. Dozou gehéiert ënner anerem och onse Pensiounsfonds. Dat huet zwar net direkt mat onsem Budget ze dinn, mee weist ower kloer wat déi subsidiaresch Verantwortung am Klimaberäich bedeit. Mir sinn all Deel vun der Léisung, an den Erausfuerderungen, jiddfereen do wou et am beschte geet, an dat ouni Ausnahm. De Wee dohinner ass net einfach, ma wee géif dat wëlle behaapten. CO2 an Zäregase musse mer reduzéieren, sou oder sou.

## Wéi a wou ass dat am Budget erem ze fannen?

Klimaschutz, Energie, Natur- an Emweltschutz, Mobilitéit, Offall, Biodiversitéit, Waasser, alles ass vill méi villschichteg wéi et op den 1. Abléck ausgesäit.

Villes ass direkt ersiichtlech, aneres net esou direkt.

Dee finanziellen Opwand, eleng am Beräich «Protection de l'Environnement» klemmt steteg an de leschte Joren, vun insgesamt 4,9 Mio € an de Konten vun 2021, 7,2 Mio € am Budget rectifié vun 2022 elo op 10,8 Mio € am Budget 2023.

Doranner sinn ower nach net déi Investitiounen enthalen, déi z. B. am Bau vun neie Gebeier, respektiv, dem Embau, fir Isolatioun an erneierbar Energien virgesi sinn.

Et ass schons derwäert dat alles e besse méi détailléiert ze kucken:

# KLIMASCHUTZ

Ons Gemeng ass en aktive Member am

- Klimabündnis, mat enger Vertriedung an der Cellule de coordination an am Internationale Board, ervir ze sträichen ass d'Organisatioun vun der Internationaler Konferenz dëst Joer zu Hesper
- am neie Klimapakt 2.0, mat konkrete Moossnahmen zur Reduktioun vum CO2 an der Energieeffizienz, beluegt mat Zuelen zum Energieverbrauch
- am Naturpakt,
- am Emweltbüro Lëtzebuerg,
- Natur&Emwelt,
- SIAS,
- ProVelo,
- Flosspartnerschaft ,
- am Infopoint vun der Klima-agence, bei däer sech all Bierger zanter ville Joeren ka gratis a kompetent berode loossen,
- an der Waasserschutzberodung.
- Besonnesch wichteg fir d'Zukunft si Moossnahmen fir d'Adaptatioun un d'Effeten vum Klimawandel:
  - Iwwerschwemmungen,
  - Brandgefor,
  - Der Wanderung vu Planzen vu Süden no Norden,
  - den CO2-Späicher am Buedem förderen,
  - e Moossnahmeprogramm ausschaffen.

# ENERGIE

- El. Stroum vun Nova Naturstroum, onse PV'en an aus Klärgas > CO2-fräi
- Öffentlech Beliichtung mat LED, méi Effizienz
- 100k€ fir weider PV, weider Eegeverantwortlech handelen
- Asaz vun der Sonnenenergie fir ze Hëtzen
- En oppent Ouer fir nei Technologien, z.B. den Äisspäicher
- Verkaf an notzen vun Holz aus onse Bëscher fir ze hëtzen, z.B. fir d'Pompjeeskasär, de Jardinage an den Oekocenter, fir déi Houwalder Schoul an och fir de Bierger,
- Isolatiounsmoossnahmen
- Mossnahmen fir Energie anzespueren
- Subventiounen fir ons Matbierger fir Isolatioun, Wärmepompel, Pellets an Holzhackschnitzel an d'benotze vun Reewaasser ze förderen
- De Bierger informéieren, mam Infopoint vun der Klima-Agence
- Duerch de Klimapakt
- Formatioun vun de Mataarbechter an der Gemeng
- Participatioun un der Produktioun vu Biogas
- Eng nei Elektro-Camionette fir de STEP

# Natur- an Emweltschutz

- Zertifizéiert Bëscher no FSC an PEFC, nohalteg Bewirtschaftung
- Uplanzungsmossnahmen, z.B. all Joers eng 200 Beem fir Neigebuerener
- Renaturéierungsmossnahmen
- Verbesserung vun der Qualitéit vun onse Waasserleef mat der Waasserschutzberodung
- D'Ariichtung vum Naturgaart Kiemert fir ons Bierger
- Formatioun vun de Mataarbechter an der Gemeng
- Zesummenaarbecht mam SIAS
- Emsetzungsmoossnahmen aus dem Naturpakt
- Biodiversitéit mat Blummewisen förderen,

- Verzicht op schiedlech Mëttelen
- Naturschutzzonen
- Flosspartnerschaft

## Mobilitéit

- Verschidde Bussystemer:
  - City-Bus, LateNight Bus, Flexibus: en neien Elektro-Bus get ugeschaaft
  - De Gemengebus fir d'Schoulen, Maisons relais, Museksschoul an Hesper bweegt sech
  - Verbindung mat der Stad Lëtzebuerg
- Aubetten fir d'Haltestellen
- Car-Sharing mat Flex
- Weideren Invest fir den E-Bike Vel'Oh
- Beträchtlech Investissementer an déi 5 nei Velosweeër
- Etuden zur Verbesserung vun der Mobilitéit
- Fir Foussgänger : Passagen op de Stroosse verbesseren an Promenaden ariichten
- Moossnahmen fir den Traffic an de Wunngebidder ze berouegen
- Semaine de la mobilité, Tour du Duerf vum Klimabündnis, Velossummer
- An natirlech net ze vergiessen: Asaz fir de Contournement. An de leschte Joeren gouf genuch Zäit verluer. An dofir och en Opruff un ons Regierung: Huelt all Hänn an de grapp dat et endlech lass geet.

## Ooffall

- Ooffall = Ressourcen
- Weider Moossnahmen fir den Haushaltsooffall ze reduzéieren, all Backen fir den Haushaltsooffall goufe gechippt
- Oekocenter zu Izeg, Qualitéit an Informatioun zur Reduzéierung, Second-Hand-Shop, Weiderverwertung förderen, Föderung vun der Zirkularwirtschaft, Bichermaart, Spillsaachemaart asw,
- Weiderféierung vum Rückkonsum mam Oekocenter, fir de Recyclage an den Appartementsgebeier ze ënnerstëtzen
- Ons Matbierger weider aktiv informéieren, fir manner ewech ze geheien
- Uschloss un d'Superdreckskescht

Mat all dese Moosnahmen komme mer e Stéck op all deene Gebidder weider. Domadder si mer nach net um Enn, mee et ass e wichtegt Stéck vum Wee, fir méi Klima- an Emweltschutz zum Wuel vun onse Matbierger.

Dëse Budget setzt déi richteg Zeechen a fennt eis voll Ënnerstëtzung. Merci un de Buergermeescher a Schäfferot an un all déi fläisseg Hänn an der Gemeng déi dozou bäigedroen hunn.

Ech soen Iech all Merci fir äer Opmierksdamkeet